



Dat wat d'Police ugeet, ech mengen, do komme mer elo wäit. Ech sinn net Polizist, mee ech mengen awer, mir sollen och deene Leit eist Vertrauen aussprechen. Et si Beamte vun der Police judiciaire. A wann d'Leit am Eurodac dra sinn, da brauchen net méi vill Recherchë gemaach ze ginn, da sinn déi ganz séier do duerch d'Fangerofdréck. A wann een elo seet, dass och d'Polizisten, déi net an der Police judiciaire sinn, kënnen kucken, wien dee Mënsch ass, deen hei Asyl freet, ech mengen, dass déi dat jo dauernd maachen, op jidde Fall déi vun der Police judiciaire, an och déi richteg Informatiounen un hir Kollegee weiderginn.

Dat ass sensibel, do sinn ech mat jidderengem d'accord, deen dat hei evokuéiert huet. Ech äntweren och op déi Froen, déi ech gestallt kritt hu vun de Kollegeen hei aus der Chamber dozou. Mee wann ech gelift, dat ass keen einfachen Job a verschidene ganz schwéiere Situatiounen, déi ech och selwer schonn erlieft hunn. Mir kënnen hei am Land jo net virukommen am Asyl, wa mer net wëssen, wien déi Persoun ass a wéi déi Persoun sech dann ausweist. An dass dat do ëmmer glat iwwert d'Bün géif goen, ech mengen, esou naiv d'äerf een net sinn, dat ass net esou!

Ech wëll och net all Kéier, wa mer hei nëmmen de près ou de loin iwwert den Asyl schwätzen, erëm op déi Riede mussen äntwere vun der ADR. Ech wëll just vläicht zwou Saache soen. Dat eent, dat ass dee Pullfaktor. Ech héieren dat elo zënter 2015, zu Bréissel oder zu Lëtzebuerg, wa Conseil ass, all Mount, all Mount, all Mount, an ëmmer vun deenen nämmlechte Länner! Mir kennen déi. Dat ass Polen, dat ass Ungarn a leider och elo zënter enger gewëssener Zäit Eisträich an nach e puer anerer. Dat ass einfach gesot: „Wat Dir de Leit méi hëllef, wat der méi kommen. Also loosst d'Fangeren ewech! Maacht Är Hëllef op e Minimum, da kommen der net vill heihinner.“ An no där Logik fiert Ungarn. No där Logik fiert Polen. No där Logik fueren och aner Länner an Europa.

Mee wëlle mir als Lëtzebuerger op esou enger Säit sinn?! Mir d'ärfen dach net vum Prinzip ausgoe beim Asyl, dass de Mëssbrauch eigentlech d'Reegel ass an dass, wéi den Här Kartheiser dat seet fir d'ADR, den Asyl fir Leit, déi wierklech hu misse fortgoen aus hirem Land a Schutz kréien, d'Exceptioun ass, dass dat d'Ausnam ass!

Wann een esou eng Philosophie huet, dann ass een net nëmme mat Gambia, mee ech mengen, mat Gambia plus hei an dësem Sall, hei an dëser Chamber an ënnert der Populatioun vun de Lëtzebuerger an der Minoritéit. An do soll een och bleiwen!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ech soen lech ganz genee ... An ech kucken net, ob ee Mëssbrauch hei mécht. Selbstverständlech ass dat e Fait an et ass och eppes, wat virkënn. An do musse mer eis och dergéint wieren, wann d'Leit vun där Situatioun profitieren, an dat maache mer och. Ech kucken d'Ae vun deene jonke Leit, vun deene Kanner, déi mer zum Beispill vu Mória opgeholl hunn, déi an e puer Méint Franséisch geléiert hunn a Franséisch kënnen schreiwen an déi all Dag wëssen, dass se sech mussen druginn an dass se net do sinn, fir engem Minister Merci ze soen, mee fir deem Land, dat se opgeholl huet, Merci ze soen a sech anzesetze fir dat Land. Doduerch si mer méi räich ginn, Här Kartheiser! An Dir gitt mat Ärem Tralala, deen Der allkéiers hei dorüwer opféiert, ëmmer méi aarm!

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Aussen- an Immigrationsminister Jean Asselborn. An direkt Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

(*Brouhaha et interruptions*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech ka mech vläicht net esou elegant ausdrécke wéi den Här Asselborn. Mee ech gi mer awer Méi, op seng Argumenter ze äntweren.

Dat Éischt ass: Mir si vläicht hei zu Lëtzebuerg politesch an der Minoritéit, ech weess awer net, ob mer bei der Populatioun an der Minoritéit sinn.

(*Brouhaha et exclamations*)

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Dach, dat sidd Der och!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass eng Plaz ...

■ **Une voix.**- Bretzt lech net!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Am rietsen Eck.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass eng Plaz, wou mer garantéiert an der Majoritéit sinn, ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Am rietsen Eck!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an dat ass Europa. Well et ass net nëmme Polen an Ungarn. Nee, et sinn der ëmmer méi. Frankräich huet der ganz weineg geholl. An nach vill anerer och. Et ass esou, dass mer eigentlech an enger Situatioun sinn - wann ech mech elo net ieren, mee dat kënnen mer jo mathematesch nopréiwen -, dass Lëtzebuerg dat

Land an Europa ass, wat proportional am meeschte Migranten opgeholl huet, nach méi wéi Däitschland a Schweden.

(*Brouhaha et interruptions*)

Do si mer! An déi allermeeschste Länner an Europa, déi grouss Majoritéit huet entweder keng geholl oder ganz weineg oder gëtt ëmmer méi restriktiv.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Här President, d'äerf ech just froen: Ass dat eng Fro oder wat gëtt elo hei gemaach?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, Parole après ministre. Dat ass eng Prozedur hei an der Chamber ...

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Dat ass eng Fro.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an ech hu fénnef Minutten, fir no lech ze schwätzen.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Dat ass eng Fro!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, ech brauch lech keng Fro ze stellen, et ass Parole après ministre. Voilà. Dat ass d'Prozedur hei am Parlament, Här Minister.

Mee Demokratie, wësst Der, dat ass jo eng Saach, do si mer och vläicht ...

■ **Une voix.**- Elo geet et duer!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Gutt.

Also, dann déi aner Saachen, déi Der gesot hutt, ausser dass Der behaupt hutt, mir wären an der Minoritéit - ech behaupten, mir sinn an der Majoritéit -, ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Fakenews!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... dat betrëfft déi Foulle électronique.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Da beweist et!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Do ass ganz kloer, dass mir als Land en Interessi drun hunn. An do sinn ech bei lech, Här Asselborn, do sinn ech bei lech. Mir musse wëssen, wat d'Identitéit vun deene Leit ass. An ech soen lech, déi Leit, déi wierklech verfollegt ginn, déi hu guer kee Problem fir ze soen: Ech sinn deen an deen. Ech sinn aus deem Grond verfollegt. Déi Leit, déi dat net wëlle soen, déi hunn eppes ze verstoppen!

An natierlech ass et eist Recht, et muss eist Recht sinn, alles ze huelen, fir d'Identitéit festzustellen. Hu mer dann net och e Sécherheetsinteressi dobäi? Hu mer net och e legalen Interessi dobäi, fir d'Asylgrënn kënnen feststellen?

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Hu mer dat dann net gemaach?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Hu mer ... Hei si vill Parteien heibannen, déi elo dergéint plädéiert hunn, Här Engel. An dann, hu mer net e Recht drop, den Alter festzustellen, well et eng aner Prozedur gëtt fir Mannerjäreger wéi fir Groussjäreger? An do muss ee jo awer och sécher sinn, dass do déi richteg Prozedur applizéiert gëtt. Hu mer net e Recht drop, fir dann all déi aner Facteuren ze kucken, déi herno gekuckt gi bei der Familiijenzesummefeierung an esou weider? Hu mer net e Recht drop fir erauszefannen, wat de Migratiounswee war, wou mer wëssen, dass et dacks mat kriminelle Schlepperbande geschitt, oder wien do géint d'Gesetz verstéisst, fir verschidene Leit déi illegal Arees an Europa kënnen ze erlaben? Well dat ass et jo. Et ass jo an deene meeschste Fäll eng illegal Arees. Hu mer dann net e Recht als Staat, fir dogéint virzegoen? Wéi naiv si mer dann?! Oder wéi naiv sinn heibanne sechs vun deene siwe Parteien?

(*Interruption*)

Et ass ganz kloer, dass mer mussen och d'Foulle électronique kënnen maachen, egal ob de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot oder d'Commission consultative des droits de l'homme sech do anescht ausschwätzt.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- All Mënscherechter sinn egal!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech mengen, mir respektéieren d'Mëscherechter. Mir respektéieren d'Rechter vun deene Leit, déi Asyl froen, awer ouni all Naivitéit a mat vollem Realismus.

Et ass nach eng lescht Saach: Wa mir d'Identitéit vun deene Leit kennen a wa mer wëssen, firwat se hei sinn, wéi se heihinnerkomm sinn, dann ass et och wichteg, dass mer dee Wee vun der konsulare-scher Zesummenaarbecht mat deene konsulare-sche Vertriedungen hunn aus deem Land, vu wou se sinn, fir se kënnen zréckzeféieren.

Wisou kënnen ...

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ma dat maache mer dach, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ma ech erklären Äre Parteikollegen, firwat mer mussen d'Identitéit feststellen.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ma wat huet dat do mat menger Ried ze dinn?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An et ass esou, Här Minister, dass politesch ... Et gëtt jo Länner, déi hir Leit net wëllen zréckhuelen. Et gëtt Länner, wéi verschidden nordafrikanesch Länner, déi hir Leit bewusst net wëllen zréckhuelen. Dann ass et un lech an Ärem Ressort, fir do deen néidegen Drock ze maachen, bei deenen nordafrikanesch iwwer eis Handelspolitik an der Europäescher Unioun, bei aneren iwwert d'Entwécklungshëllefpolitik. Mee et muss ee Message kloer sinn: Mir kënnen net toleréieren, dass verschidde Staaten net mat eis zesummeschaffen, fir hir Ressortissanten zréckzehuelen, a se da gläichzäiteg nach massiv finanziell ënnerstëtzen. Dee Wee ass fir eis net akzeptabel. Et ass eng Politik, déi an eng Sakgaass féiert. Dir maacht se, mir refuséiere se!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Ausseminister.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Nee, mee Här President, ech verstinn net alles hei an der Chamber. Mee ech muss jo net alles verstoen. Wat haten déi Äntwerten do oder déi Froen oder déi Commentairen, déi den Här Kartheiser gemaach huet, mat deem ze dinn, wat ech hei gesot hunn zum Gesetz?

(*Interruption*)

E geheet eis hei eppes un de Kapp, wat d'Regierung net géif maachen. Selbstverständlech kontrolléiere mir! Selbstverständlech setzen ech mech an! Ech si scho selwer eng Kéier an de Maroc an an Algerie gefuer, fir dass se déi Leit, déi illegal hei am Land waren an déi hei deboutéiert sinn, zréckhuelen. Dat maache mer als Europa. Dat maache mer och als Lëtzebuerg. Dat maachen all d'Länner.

Mee et schéngt esou hei eriwuerzekommen, wéi wann den Här Kartheiser deen Enzege wier, deen do der Regierung elo mol géif soen, wat se ze dinn hätt. Ma dat ass absolutt falsch. Dat ass total falsch. An déi Parteien, déi heibanne vertruede sinn, déi wëssen dat och. Fäerdeg!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Asselborn.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech wollt just, éischstens, dem Här Minister soen, dass ech op e puer Saache reagéiert hunn, déi e gesot huet, notament - vu datt e mech och perséinlech genannt hat, iwwregens -, dass mir an enger Minoritéit wären. Ech hunn em erkläert: Mir sinn an enger Majoritéit, souwuel hei am Land wéi an Europa.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dat ass net wouer!

■ **Une voix.**- Ma nee!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat Zweet ass: Ech hunn ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dir sidd eng absolutt Minoritéit, eng ganz kleng!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Fakenews!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech hunn dem Här Asselborn erkläert, wat e soll maache fir d'Zréckféierung vun deene Leit ze favoriséieren, eppes wat d'Regierung (...) mécht. An zur Prozedur, déi fannt Der am Reglement vun der Chamber, Här Minister: Parole après ministre. Et ass gutt, dass een hei vum Parlament dat lescht Recht huet. Et ass éischstens (...) an net d'Regierung. Mir sinn do, fir lech ze kontrolléieren. Dir sidd net do, fir d'Parlament ze kontrolléieren. Wann Der an Europa vun Demokratie schwätzt, da respektéiert se och hei am Land!

(*Micro non allumé*)

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7681. Den Text steet am Document parlementaire 7681<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7681 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 52 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 7682 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7682 iwwert d'Bewegungsfräiheet vu Persounen an iwwert d'Immigratioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

■ **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Rebelote, elo schwätze mer net méi iwwert d'Asylgesetz, mee iwwert d'Immigrationsgesetz, an zwar maache mer do Ännerungen am Immigrationsgesetz vun 2008, an déi kann ee graff an dräi Kategorien andeelen.

Eng Kéier gëtt d'Gesetz adaptéiert, fir den Exigenzen ze entspreche vum EU-Reglement 2019/1157 vum 20. Juni 2019 zur Verstärkung vun der Sécherheet vun de Carte-d'identitéen an den Documents de séjour.

Zweetens setze mer mat dësem Gesetz e puer weider Punkten aus dem Koalitionsaccord ëm. Virun allem geet et ëm verschidde Mesuren, déi zu enger administrativer Erliichterung bäidroen an den Delai fir d'Bénéficiaires de protection internationale vun dräi op sechs Méint eropsetzen, fir eng Demande de regroupement familial eranzeginn.

Zum Schluss ginn nach e puer Punkten ëmgesat, déi am EU-Recht virgesi sinn. Ech wäert och op e puer Haaptpunkten agoen. D'Detailer fannt Der jo da wéi gewinnt an deem schrëftleche Rapport.

Am éischten Artikel geet et ëm d'Prise en charge vun engem Drëttsaatler, also d'Méiglechkeet, d'Frais de séjour ze iwwerhuele vun enger Persoun aus engem Drëttsaat, déi sech zu Lëtzebuerg ophalen d'äerf. Mat dësem Gesetz gëtt elo preziséiert, dass eng Persoun, déi esou eng Responsabilitéit fir een aneren iwwerhëlt, och hei zu Lëtzebuerg wunne muss. Deen, deen d'Garantie stellt, muss och genuch Suen op der Säit hunn a selwer net op Sozialhëlfe zréckgräifen, fir dës Prise en charge kënnen ze finanzéieren.

Am Artikel 2 geet et ëm d'Attestation d'enregistrement. Wéi Der wësst: All EU-Bierger, deen op Lëtzebuerg kënn, muss sech bei der Gemeng umellen. De modifizéierte Règlement grand-ducal vum 5. September 2008 gesäit haut vir, dass do just den Numm, d'Adress an den Datum op deem Dokument stoe mussen. Dat gëtt am neie Reglement awer e bësse méi komplett. Do mussen elo nach aner Mentounen derbäikommen. Duerfir gëtt de Règlement grand-ducal deenen neien Ufuerderungen ugepasst.

Beim Artikel 4 geet et ëm bal dat selwecht. Do dréit et sech dann ëm d'Modalitéte vun der Carte de séjour vun de Familljememberen, déi am Kader vun engem Regroupement kommen a méi laang wéi dräi Méint zu Lëtzebuerg bleiwe wëllen. Och hei ginn dann d'Format an d'Mentounen dem EU-Reglement ugepasst.

Am Artikel 5 kënn et zu enger administrativer Erliichterung, no där en Drëttsaatler elo net méi eng Kopie vu senger Autorisation de séjour unhefte muss. Effektiv muss en déi Carte de séjour jo am Dossier leien hunn, duerfir mécht dat net ganz vill Sënn.

Eng aner Simplification administrativ preziséiert, dass et net méi noutwendeg ass, Copie-conformé vun de Reesdokumenter bäizeleeën. All d'Gemengebeamten dorëmmer am Land op de Gemengen, déi freeë sech, dass dat elo net méi muss gemaach ginn, well och dat ass eng Prozedur, déi bescheiden vun hirem Sënn hier ass.



Weiderhi gëtt et eng Ännerung a Saachen Transfert intragroupe, also wann eng Persoun aus engem Grupp vun Entrepreneuren zum Beispill, wou och eng Firma zu Lëtzebuerg present ass, heih soll transféréiert ginn. Déi Persoun muss da gewësse Konditiounen erfëllen, zum Beispill a Saachen Anciennetéit an der Firma. Dës Konditioun zur Anciennetéit gëtt elo op dräi Méint festgeluecht, dat souwuel fir d'Kadere wéi awer och zum Beispill fir d'Stagiairë vun der Entreprise. Dat ass d'ailleurs dee kierzten Delai, dee vun der entsprecherender EU-Direktiv virgesinn ass, an en ass sécherlech och positiv fir d'Kompetitivitéit vun eise Lëtzebuerger Entrepreneuren.

E wichtege Punkt gëtt am Artikel 9 geännert, wou en Engagement aus dem Koalitionsaccord ëmgesat gëtt, dee virgesäit, den Delai fir e Bénéficiaire de protection internationale, fir déi néideg Demarchen an Dokumenter am Kader vun engem Regroupement familial eranzerechen, vun dräi op sechs Méint ze verlängeren.

D'Mënscherechtskommissioun huet heizou e puer Remarque gemaach. Engersäits seet se, dësen Delai hätt nach méi generéis kënne si respektiv ganz ofgeschaaft kënne ginn, wéi dat d'ailleurs a verschiddeenen EU-Memberstaaten, ënner anerem Frankräich, Irland, an ech mengen, och Slowenien, de Fall schonn ass.

Am Artikel 11 gëtt festgehalen, dass den Titre de séjour vun engem Affer vu Mënschenhandel ëmmer erëm ëm sechs Méint verlängert ka ginn, soulaang d'Enquête oder d'Prozedur nach leeft. Dat war eigentlech och scho virdrun de Fall, mee heimadder gëtt prezisiéiert, dass dat net just eemol méiglech ass, mee direkt méi dacks.

Den 8. Mäerz hu mer de Projet zesumme mam Avis vum Staatsrot gekuckt. Mir hunn och Avisé kritt vum Syvicol, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, wéi gesot, och vun der Mënscherechtskommissioun a vun der Chambre de Commerce. De leschten Donneschden hu mer de Rapport an der Kommissioun ugehall.

An heimat ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten.

An d'Wuert geet direkt un den honorabelen Här Paul Galles weider.

#### Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Ech probéieren, séier ze maachen, well ech weess, dass et dee leschte Projet ass fir haut den Nomëtteg. Merci nach eng Kéier dem Yves Cruchten fir säi Rapport, deem e Gesetzesprojet beschriwwen huet, dee jo ganz villes enthält, an en huet dat och elo alles am Detail beschriwwen.

Ech mengen, dass d'Haaptsaach vun dësem Projet de loi awer trotzdeem déi Fro vum Regroupement familial ass, well et eng Fro ass, déi awer op ganz ville verschidde Plazen ëmmer erëm virkënn. D'Mënscherechtskommissioun huet ëmmer erëm un déi Fro vum Regroupement familial erënnert. Och am Rapport vum Ombudsman kënn dat Theema ëmmer erëm vir. Souguer beim Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher ass dat Theema iwwert de Regroupement familial ëmmer erëm ganz zentral, dofir wëll ech ganz kuerz e Wuert dozou soen.

Den Delai, dat huet den Yves Cruchten beschriwwen, geet vun dräi op sechs Méint an d'Luucht. Et ass wouer, d'Mënscherechtskommissioun huet d'Fro gestallt, ob een et net ganz kéint ofschafen. Den Yves Cruchten huet e puer vun de Länner genannt - et ginn der nach eng ganz Rei méi, déi stinn och bei hinnen am Rapport dra beziéiungsweis an hirem Avis dran -, et sinn eng ganz Rei Länner, déi einfach do guer keen Delai méi hunn. Oder d'Belsch huet et op ee Joer gesat. Gutt, sechs Méint si sechs Méint. Mir verlängeren et. Et hätt ee kënne driwwer diskutieren. Mee nach eng Kéier, och hei geet et drëms, deene Mënschen, déi souwisou e Recht hunn, déi Méiglechkeet ze ginn, dat Recht esou gutt wéi méiglech an Usproch ze huelen. Dat ass jo hannen um Enn d'Philosophie vun dëser Ännerung.

D'Fro, déi och nach gestallt ginn ass, ass eeben déi: Wéini gëtt en Dossier iwwerhaupt als komplett betruecht? Well en Dossier d'ailleurs oft an den Delaien ugefaange gëtt, awer net an den Delaien kann ofgeschloss ginn, zumindest besonnesch dann, wann Traductionen, Iwwersetzungen mussen agehall gi vu Sproochen, déi net communement iwwersat ginn. Dat heescht, déi Fro steet och nach e bëssen op oder et ass zumindest eng Fro, déi eng gewëssen Onsicherheit bréngt.

Nach zwee aner Punkten och aus dësem Projet de loi, awer den Yves Cruchten huet deem ee schonn erwänt: Dat ass dee vun den Affer vun der Traite humaine, dass den Titel de séjour erneiert gëtt ëmmer erëm, sechs Méint an ëmmer erëm weider. Mir haten an der Kommissioun d'Fro gestallt, ob dat en Automatismus wär. Dat ass et zwar net, mee déi Leit gi begleet a mir fannen, dass dat wichteg ass, dass déi Leit eebe grad begleet ginn, well mir

schwätze vun Affer vun der Traite humaine. Et ass net egal wien an net egal wat, et si Leit, déi ganz vill matgemaach hunn an déi an enger ganz quokeleger Situatioun sinn.

An zum Schluss wëll ech just nach eng Kéier op den Avis vum Syvicol hiweisen, déi awer trotzdeem ze bedenke ginn hunn, dass d'Gemege mussen zäitno informéiert ginn. Déi Simplification administrative, déi virgeholl gëtt, ass zwar schéin a gutt, mee si heescht fir d'Gemengen eng Ëmstellung. An dat ass eeben eng Informatioun, déi och elo séier an d'Gemege muss fléissen, fir dass déi Simplification administrative um Terrain ukënn.

An deem Sënn, och vun eis vun der CSV natierlech d'Approbatioun, den Accord fir dëse Projet de loi. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt u sech zu dësem Projet net vill soen, mee et sinn awer e puer Aussoen hei de Mëtteg gemaach ginn, ech mengen, déi een einfach net kann esou am Raum stoe loosse.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - An ech fannen et ëmmer erëm ganz geféierlech, wa mer hei iwwer Asyl an iwwer Immigratioun schwätzen, wann dann op eemol pauschaliséiert gëtt.

Ech wëll just drop hiweisen: Wat wier dat Land hei, wann et net scho virun iwwer 100 Joer e groussen Esprit d'ouverture gewisen hätt? Wann et net schonn Enn 19. Joerhonnert eng Dier opgemaach hätt fir Leit, déi zënterhier e Wunnsätz hei zu Lëtzebuerg hunn, déi net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn? Wann net am Ufank Däitscher, duerno Italieener, duerno Fransousen, Belsch, Portugisen an esou weider, wann déi net op Lëtzebuerg komm wieren?

Sécher huet d'Immigrationspolitik eng nei Dimensioun haaptsächlech an deene leschten zwee Joerzénge kritt. Dat ass d'Resultat vu ganz ville Konflikter op der Welt. Dat ass d'Resultat och vu méi reliéisen, philosopheschen Auseinandersetzungen. Mee Lëtzebuerg huet do am Fong elo ëmmer déi richteg Positioun agehall. Lëtzebuerg, e klengt Land, mee mat engem groussen Esprit. A mir hunn eis ni verschloss, fir Leit op Lëtzebuerg kommen ze loosse. A mir hunn net u sech dann emol Abusen ..., där natierlech ëmmer gemaach ginn, där och elo nach gemaach ginn. Sécher, et profitéieren ëmmer Leit vum System. Mee dann dierfte mer praktesch kee Gesetz méi stëmmen, well et si bal keng Gesetzter, wou net Leit higinn an Abuse maachen.

An dowéinst ass et ganz geféierlech, wa mer an dëser Diskussioun grad dat an de Vierdergrond stellen, wat vläicht emol kann negativ sinn. Et ass falsch ze pauschaliséieren, ze pauschaliséieren, a wann e Land wéi eist Land - ech si wierklech stolz drop, dat ech an esou engem Land liewen - wierklech e groussen Esprit weist an do mol e klenge Prozentsaz profitéiert vum System, fir dann als Konklusioun, als Equatioun ofzeleeden: Also ass de System net gutt, also dierfe mir net déi Ouverture weisen. A just do dergéint musse mer eis wieren, wa vu verschidde Säiten ëmmer erëm versicht gëtt, dat a Fro ze stellen.

Well et ass grad d'Stäerkt vun dësem Land, dass mer déi Approche do hunn. Wat wier da Lëtzebuerg haut, wa mer net 180, 190 Nationalitéiten hätten? Wou géife mer dann och ekonomesch dostoen? Wou géife mer kulturell dostoen? An dowéinst ass et wierklech verwerflech. An ech muss den Ausseminister eemol méi och erëm luewe fir säin Engagement, och deem, deem en hei gewisen huet, mat Wieder, wou ech net fäeg sinn, dat vläicht esou emotional eriwuerzebréngen, wou ech awer ganz op senger Säit sinn. A mir musse wierklech, mengen ech, och heibanne verschidde Leit klipp a kloer ëmmer ze verstoe ginn: Dat geet net! Dat ass eng falsch Approche hei zu Lëtzebuerg.

Well nach eng Kéier: Mir sollen houfreg sinn op dat, wat mer bis elo erreecht hunn!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Vlächcht nach dat eent oder anert Wuert dann och zu dem Gesetz, wat mer elo hei stëmmen. Och do sinn eng Rei wichteg Moossnamen dran. De Regroupement familial: Mee setzt lech dach emol an d'Situatioun vu Leit, déi aus Kriesegebidder kommen, déi alles hannert sech loosse, déi eleng hei sinn, déi awer nach am Heemechtsland de Partner setzen hunn, Kanner setzen hunn, déi hei drop waarden, dass déi kënne nokommen, déi dann awer elo zumindest emol nach eng Méiglechkeet vun dräi Méint zousätzlech kréien, fir awer d'Hoffnung ze hunn, dass déi Leit och kënne bei se kommen.

Setzt lech dach emol ee Moment an d'Situatioun vun deem! Et ass bal keen heibannen - ausser vlächcht den Ausseminister, deem dat méi um Terrain nach materlieft, och een oder deem aneren, dee méi engagéiert ass -, deem dat kann novollzéien! An da solle mir dat op eemol nach a Fro stellen? Mee dat ass dach eng ganz normal mënschlech Approche,

en normale Reflex, deem ee muss entwéckelen, wann ee sech dach emol nëmme fir e puer Minutten an d'Situatioun vun deene Leit setzt.

Dowéinst fannen ech jiddefalls déi Decisioun, déi mer hei elo huelen, ganz gerechtfertegt. Nach eemol méi weise mer och Dignitéit. Et geet schlussendlech hei ëm Mënschen. Et geet net ëm déi puer Prozent, déi vum System abuséieren. Nee, et geet ëm déi Leit, déi wierklech wëllen eng nei Existenz opbauen an déi hei eng Méiglechkeet gesinn. A mir sollen dat och ze respektéiere wëssen a mir sollen och an Zukunft deem Esprit no bausse weisen. Gleeft mer es, dat éiert eist Land mat Sécherheet!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Ech soen lech Merci, Här President. Ech soen och menge Virriedner Merci an dem Rapportier fir säi Rapport, deem e gemaach huet. Et geet mir änlech wéi dem Här Graas. Ech hat eigentlech wëlle, net allze vill zu dësem Projet de loi ze schwätzen. Mee ech fille mech och obligéiert, no vir ze kommen an e puer Wuert ze soen. E puer méi Wuert ze soen!

Mir schwätzen hei iwwert d'Immigrationsgesetz, dat heescht vu Migratioun am méi breede Sënn, net just iwwer Flüchtlingen. An ech kann natierlech och direkt am Ufank vu menger Ried soen, dass mir de Projet de loi natierlech wäerte matdroen.

Ech wollt hei awer effektiv och op de Volet vum Regroupement familial agoen, well ech esou eng kleng Viranung hunn, dass dee Riedner, deem no mer kënn, grad just dee Volet wäert erauspicken, fir d'Diskussioun och erëm op de Volet vun de Flüchtlingen zrëckzeféieren, och wann dat net den eenzege Punkt ass, deem an dësem Gesetzestext behandelt gëtt.

An hei wéilt ech op dat Konzept vun der illegaler Arees agoen, wat ëmmer erëm an de Raum gehäit gëtt. Mir hunn haut an Europa keng weider legal Areesméiglechkeet fir Leit, déi op der Flucht sinn. Stéchwuert: Festung Europa. A mir sti jo hei an dësem Parlament, an dësem Land hannert engem anere Modell. Mir verstopen eis net hannert der Festung Europa, fir kënne Hëllef ze leeschten.

An ech mengen, et ass immens einfach, sech hannert deem Konzept ze verstopen an d'Aen zouzemaache virun deem ganze mënschleche Leed. Ech sinn awer frou, an enger parlamentarescher Demokratie ze liewen an och engem Parlament kënne ze dengen, wat grad just de Géigendeel ustriift. Eist Parlament, wat aus 60 gewielte Membere besteet, wouvunner der véier eng aner Meinung vertrieben - fair enough. 4 vu 60, dat ass eng Minoritéit, och wann dës Minoritéit sech elo grad d'Fro gestallt huet, ob se dobaussen net awer eng Majoritéit vertritt. Et ass en interessante Exercice, deem een esou ka maachen.

Ech mengen, dass déi Ausso, déi Fro, déi sech gestallt ginn ass, vlächcht ganz vill op Bauchgefill berout. Baugefill ass eppes, wat net allze vill mat Argumenter ze dinn huet. An ech, fir mäin Deel, sinn dovun iwwerzeegt, dass Bauchgefill näischt an der Politik verluer huet. Voilà.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, d'Auer leeft schonn hei. Et wier vlächcht gutt, se op null ze stellen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech passen op. Dir hutt fënnf Minutten.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Gutt, Här President, villmools merci. Ech mengen, hei sinn eng ganz Rei Sujete vu menge Virriedner opgeworf ginn. Ech wëll vlächcht soen: Jo, natierlech, Lëtzebuerg war eng Zäit laang aus Aarmut en Emigrationsland. Do si vill Leit an Amerika gaangen, an d'USA, Brasilien. Voilà. Ech mengen, mir kennen eis Geschicht, dass hei aus Aarmut och vill Leit gaange sinn. Si si gaangen op engem legale Wee, well déi Länner, déi hunn Immigrante legal gesicht a legal opgeholl.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Nee, net ëmmer!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Gelift?

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Nee, net ëmmer!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Dir musst ophalen, d'Leit ze beléien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Wagner, den Här Kartheiser huet elo d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, ech mengen ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Nee, et ass just wéinst dem Video op Facebook, dann ...

(Hilarité)

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Gutt. Ech wëll ... Et deet mir perséinlech leed, Här Wagner, u sech, dass Der d'Chamber verlosst. Dir sidd en ausgezeachten Deputéierten, och déi kleng Ausnam vun elo grad deet där Saach keen Ofbroch. Et ass awer schued, dass Der gitt, well Dir hutt Iwwerzeugungen, Dir vertritt se och gär, mee dat do war elo net esou groussaarteg.

Op jidde Fall, wat ech elo wollt soen, dass ass hei, dass déi Lëtzebuerger, déi an d'Ausland gaange sinn, op legalem Wee hire Wee an d'Ausland gesicht hunn. An et ass och esou, dass mir selbstverständlech am Laf vun der Geschicht, wou mir Leit vu bausse gebraucht hunn, och legal Leit gesicht hunn. Mir hunn hei effektiv Leit mat gewëssene Qualifikatiounen gesicht, wat eng absolutt normal Demarche ass vun engem Staat. An der Stolindustrie, fir aner Saachen, mir kennen déi Geschicht, d'Italieener, d'Portugisen, dat ass hei genannt ginn. Dat war am grouse Ganzen och eng Reussite. Mee et war legal. An d'Land hei huet d'Qualifikatiounen erausgesicht, Krittäre gesat, a mir hunn och Decisiounen geholl. Iergendwéini eng Kéier ass decidéiert ginn: Solle mer Portugisen oder Tuneesier huelen? Dat ass eng Diskussioun, déi hei gefouert gouf. A mir hunn eis fir Portugisen ...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Gelift? Jo, majo mir hunn eis fir d'Portugisen decidéiert. Och dat ware bewosst staatlech Decisiounen, fir eng gewësse legal Immigratioun ze erméiglechen.

Haut si mer confrontéiert mat u sech enger Immigratioun, déi mer net no Qualifikatioun eraussichen. Ganz vill Leit sinn net iergendwéi qualifizéiert, hu kee Schoulofschloss, vun deenen, déi kommen. Dat ass eeben esou. Et ass also net, dass mer déi Leit géifen eraussichen, weeder no Nationalitéit, well mir gi confrontéiert mat enger massiver illegaler Immigratioun aus enger grousser Unzuel vu verschidde Staaten, Eritrea an esou weider an esou virun. Mir kennen dat. An et ass also esou, dass mer an enger ganz anerer Situatioun haut sinn, wéi dat fréier war.

Zu der Familienzusammenführung: Mir kéinte mat deem Gesetz hei liewen, mee natierlech, mat der Familienzusammenführung hu mer Problemer. Mir hunn do - an dat soen ech ganz kloer, dat ass och eng Decisioun, déi mir geholl hunn als ADR -, mir hunn eng restriktiv Approche zu der Familienzusammenführung. Och dat ass e politesche Choix. A mir sinn net d'accord, dass deem Delai ausgebaut gëtt.

Mir denken och, dass mer d'Familienzusammenführung sollen anescht denken. Hei an eise Verwaltungen, wann ee mat de Leit schwätzt, ass de Reflex allgemeng zu Lëtzebuerg, dass probéiert gëtt, d'Leit zu Lëtzebuerg zesummenzeféieren. Dat geet och anescht. Wa mer gesinn, dass hei zum Beispill een ass vun enger Famill an aner Familjememberen an engem aneren EU-Staat, kann een och an deem anere Wee denken.

Zemoos ass et jo esou, dass mer wëssen, dass a verschidde Länner ganz bewosst gekuckt gëtt, fir Mineuren op de Wee ze schécken, fir dass déi herno kënne hir Famill nohuelen. Dat ass awer eng Demarche, déi, fannen ech, net akzeptabel ass, dass d'Mineure virgeschéckt ginn, mat alle Gefore vun der Rees an esou weider, fir dass d'Famill herno kann nokommen. Och dovun, mengen ech, sollte mer ofschrecken, vun esou Verhalensweisen, déi irresponsabel sinn, doduerch dass gesot gëtt: Majo, entweder d'Famill kann net kommen, wa mer et gesinn, oder mer schécken en zrëck, wee nodeem eeben, ob e legale Grond virläit oder net. Oder mir maachen eng Familienzusammenführung an engem anere Staat. Mee all déi Optiounen sinn op an natierlech kucke mer, wéi eeben déi human Consideratiounen, den Intérêt supérieur an esou weider musse gekuckt ginn. Awer mir brauche keng Automatismen a mir hunn och dat Recht, d'Interessie vun eise Land do ze vertrieben.

D'Madamm Monti hat effektiv e puer Fäll, wann ech mech gutt erënneren, hei erkläert, an déi si ganz interessant, fir fir den Ausbau vum Delai ze argumentéieren. Dat eent war: Si huet e bëssen argumentéiert, den Intérêt supérieur de l'enfant soll ëmmer priméieren. Mee do muss een oppassen: Den „Intérêt supérieur de l'enfant“ ass eng schéin Notioun, si ass awer net prezis am Droit. Et weess een net genau, wat domadder ëmmer gemengt ass. Et ass eng Notioun, déi wichteg ass, déi och ëmmer erëm invoquéiert gëtt, mee déi e gewëssene Flou huet.

Et geet awer net, fir mat där Notioun, déi eeben net definéiert ass, déi eis awer all um Häerz läit, fir domadder eng besteeënd Rechtsuerdnung oder Jurisprudenzen auszuhiewelen. Dat geet net! Mir hunn eng Rechtsstaatlechkeet hei. Mir hu kloer Normen. An et kann een net dann invoquéieren: „Den Intérêt supérieur de l'enfant priméiert ëmmer“, well soss hu mer keng Delaien, keng Prozeduren, keng Rechtsschreife méi, wann dat Argument dann duergeet, fir



alles auszehiewelen, wat eise Rechtsstaat opgebaut huet.

Dat zweet Argument, wat d'Madamm Monti bruecht hat, wann ech mech gutt erënneren, dat war de Faktum, datt een heiansdo Pabeieren nach brauch, datt d'Leit mussen zrëck an hiert Land, fir do Demarchen ze maache fir ze beweisen, datt aner Leit à charge sinn, an datt se da mussen déi Pabeieren hei produzéieren.

Mee do ass jo awer evident: Wann ee muss a säi Land zrëckgoen, do op eng Verwaltung geet, fir d'Pabeiere sichen ze goen, fir do ze beweisen, datt hei Leit nach à charge sinn, dann ass ee jo an deem Land net verfollegt! Well soss geet een net zrëck an d'Verwaltung vun deem Land, op d'Gemeng, op d'Police, fir administrativ Demarchen ze maachen!

Leit, déi zrëckginn an hiert Land, fir esou Demarchen ze maachen, hu kee Recht op Asyl. An dat ass en allgemeng consacréierte Prinzip. An do komme mer zrëck op dee Punkt, wou mir soen: „Humanitéit: Jo, Asyl: Jo. Awer keng illegal Immigratioun, kee Mëssbrauch vum Asylrecht!“ A wa Leit zrëckginn an hiert Land, vun deem se soen, si wieren op der „Flucht“, fir den Ausdrock ze gebrauchen, deem hei benotzt ginn ass, dann ass dat einfach net méi kredibel! Mir mussen oppassen, wa mer dee Begrëff „Flucht“ benotzen!

**(Interruption par la présidence)**

Et gëtt international Reegelen, déi am Krichsrecht do kloer Garantië virgesinn, awer hei sinn déi meescht Leit net op der „Flucht“. Et handelt sech ëm eng Migratioun hei ouni kloer legal Basis.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An dann ass d'Riednerpult fir den honorabelen Här David Wagner.

**(Interruption)**

Ma dann ass et nach um leschten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kolleegen, och dëst Gesetz gesäit punktuell Ännerunge vir, wat den Ëmgang mat Mënschen ugeet, déi an eist Land wunnen a liewe kommen.

Ech kéint u sech déi nammlechte Ried hale wéi de Rapporteur, deem hei natierlech ganz exzellent dat opgefouert huet, wat sech ännert. Ech kommen awer op e puer Saachen zrëck, well ech mengen, datt et wichteg ass, dat och nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, engersäits, an anerersäits, well et tatsächlech praktesch Ännerunge sinn, déi d'Liewen net nëmme fir déi Leit, déi dovun direkt betraff sinn, mee och fir déi Leit, déi indirekt dovunner betraff sinn, vereinfachen.

Lëtzebuerg geet mat dësem Gesetz dann op de Wee, op deem och vill aner EU-Staaten, wéi zum Beispill d'Belsch, scho sinn, wat d'Documents de séjour ugeet. Sou wäerte Kaarten am Kreditkaarteformat déi onhandlech Pabeierdokumenter lues a lues ersetzen.

Ech mengen, mir alleguerte kennen dat an déi meescht vun eis waren, mengen ech, frou, wéi dee rosae Wësch vu Führerschäin, deem a keen eenzege Portmonni eragepasst huet, duerch d'Kreditkaarteformat ersat gouf, well et eis alleguerten de Problem awer e gutt Stéck méi einfach gemaach huet, wéi mer dee sollten dobäi hunn, ouni datt d'Foto futti gaangen ass, ouni datt en hallef ausernegefall ass. Dat ass och gutt hei fir d'Polizisten, déi da bei enger Identitéitskontroll dee Pabeier och, an dann an Zu-

kunft déi Kaart, méi einfach kënnen kontrolléieren an dat net als éischt emol mussen auserneefalen, zesummepechen an domadder quasi Puzzle spillen, éier iwwerhaapt e Contrôle ka stattfannen.

Wat eis Piraten bei dësem Projet awer virun allem um Härz läit, ass d'Tatsaach, datt den Delai fir d'Familljenzesummeféierungen ënner erlichterte Konditiounen vun dräi op sechs Méint verlängert gëtt. Mir freeën eis wierklech iwwert dëse Schrëtt, well et ass e wichtige Schrëtt, well an der Vergaangenheet awer heiansdo déi Frist vun dräi Méint ëm e puer Deeg, a wierklech ëm een Dag, zwee Deeg, ze kuerz war. An et war nach rezent e Fall, wou et jee nodeem, wéi een Delai ee gekuckt huet ... Deen Dag, wou d'Persoun selwer den Dossier krut, huet se den Delai ëm en Dag verpasst, deem Dag, wou hir Affekotin den Dossier hat, wär den Delai gutt gewiescht. Dat si mënschlech Schicksaler. Dat si wierklech traureg Geschichten, wann ee weess, datt et op een Dag ..., a jee nodeem, wien dann den Dossier krut a wéini den Delai gestart ass ... Dat dauert einfach.

A mir wëssen, et si jo net Leit, déi aus Däitschland kommen, wou een um Bürgeramt urufft an innerhalb vun e puer Minutten eng Copie certifiée conforme huet an enger Sprooch, déi zu Lëtzebuerg unerkannt ass fir all déi Certificaten, déi ee brauch. Hei geet et drëm, fir deelweis aus Länner, wou dach ganz penibel Situatiounen sinn, wou d'Verwaltungen net méi onbedéngt fonctionéieren, dann déi richteg Piëcen ënner ganz héijem Zäitdrock zesummenzekerien.

Do derbäi kënnt, datt Persounen, déi aus Syrien oder Eritrea geflücht sinn, de Kontakt mat hirer Famill kënnen verluer hunn. Déi Leit kënnen och nach anzwousch anescht um Wee op der Flucht sinn, soudatt een als Éischt emol déi Leit muss erëmfannen, mat hinnen a Kontakt trieden an déi Piëcë kréien. Alles dat vereinfacht d'Situatioun net.

Esou ass et ganz gutt, datt mer deem Delai hei verlängeren. Mir wäer souguer derbäi gewiescht, fir deem Delai nach weider ze verlängeren. Ech mengen, datt dat eppes ass, wou een definitiv misst driwwer schwätzen.

Wat awer fir eis vläicht e mënschlechen Appell ass un de Minister: Aktuell geet et duer, datt een Dokument aus dem ganzen Dossier verspéit ass, fir datt dee ganzen Dossier ofgeleent gëtt, och wann de Rescht vun der Demande fristgerecht agereecht ginn ass an d'Piëcen dann nokommen. Och do huet a mengen Aen zu Recht d'Mënschrechtskommission an hirem Avis gesot: „Dat ass e Problem!“ Am Gesetz steet, datt d'Demande soll an engem bestëmmten Delai gemaach ginn, mee net, datt den Dossier an där Zäit och schonn analyséiert a komplett muss sinn. Mir géifen eis duerfir wënschen, datt de Ministère hei déi néideg Flexibilitéit, Mënschlechteit weist, esou wéi dat jo och bei aneren Demanden, bei anere Ministären deelweis de Fall ass.

Här President, léif Kolleeinnen a Kolleegen, och bei dësem Gesetz wëll ech nach eemol kloerstellen, datt d'Piraten et problematesch fannen, fir biometresch Date wéi Fangerofdréck op staatleche Serveren ze späicheren, wa se net méi direkt benotzt musse ginn. Firwat, hunn ech virdru schonn eng Kéier kuerz erkläert.

Zesummeffaassend kann ech awer soen, datt mir Piraten mat de grouse Linne vun deem heite Gesetz ganz d'accord sinn. Sechs Méint Zäit, fir eng Demande ze stellen, ass kuerz, mee ëmmer besser wéi dräi Méint. Dëst Gesetz geet eis net wäit genuch, mee et ass eng Verbesserung zu der aktueller

Situatioun a mir wëllen dat Gesetz duerfir haut och explizitt ënnerstëtzen. Natierlech net ouni d'Hoffnung, datt an Zukunft nach weider Verbesserungen um Gesetz vun 2008 geholl kënnen ginn!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aussen- an Im-

migratiounsminister Jean Asselborn.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Merci, Här President. An ech mengen, ech kann och hei ganz séier derduerchgoen. Also fir d'alleréisch - an den Här Cruchten huet dat jo och ganz gutt erëm duergeluecht -, mir haten heiansdo Problemer, an ech mengen, ech ginn och dem Sven Clement Recht, dass an deenen dräi Méint, déi d'Leit haten ... Obscho se direkt scho kënnen ufänken - wann een an der Prozedur ass, kann ugefaange ginn, d'Dokumenter fir de Regroupement familial zesummenzesichen. Et ass net, dass ee muss de Statut hunn, ier een eréisch ufänkt. Mee mir hunn elo sechs Méint. Ech mengen, domadder kënnen mer anstänneg schaffen, an dat ass och eng Erlichterung fir eis Verwaltung, dass d'Dossieren och méi komplett sinn.

Ech wëll hei vläicht eppes soen, wat wichteg ass a wat mer och mussen de Leit, déi de Regroupement familial froen an en och kréien, soen: dass si keen automatescht Recht hunn op e Statut, wa se hei sinn. Si kréien eng Autorisation de séjour, ausser d'Kanner elo natierlech. Mee si kréie keen automatescht Recht, wa se kommen. Zum Beispill de Partner - Dir wësst, mir si bei der Famille nucléaire -: Et sinn entweeder d'Kanner oder d'Partner. Dat ass alles, wat dran ass. Oder bei Kanner, natierlech déi Mineure sinn, sinn et d'Elteren, déi kënnen froen.

Ech kann lech soen, dass ech a ville Situatiounen do muss tranchéieren, dass zum Beispill Eltere kënnen kommen, an déi hunn dann nach e Kand vu 16 Joer an Afghanistan. Dass een dann net kann Nee soen, wéi d'Situatioun dann dee Moment sech presentéiert, dat ass eeben dann d'Gefill. Do ginn ech och ëmmer gefrot, fir dass een do dann dat Richteg mécht.

Ech wëll bei deem Regroupement familial awer och eppes soen hei, wat heiansdo vläicht vergieess gëtt. Ech hunn dat och schonn an der Kommissioun gemierkt bei eise Kolleegen. Regroupement familial ass net eng Affär fir Refugiéen. Beim Regroupement familial, do sinn zu maximal 20 % Refugiéé concernéiert. Déi, déi am meeschte concernéiert sinn, sinn d'Activités rémunérées. A wann ech lech soen, vun 2020, wat déi éischt Natioun ass: Déi éischt sinn d'Inder, wäit vir mat 266 Leit, dann d'Amerikaner: 99, d'Chineesen: 81. An da kommen aner. Et ass also net, wann ee Regroupement familial seet, dass een dann eeben direkt u Famillje vun de Flüchtlingen denkt. Hei ass et effektiv, wéi ech gesot hunn: Dat sinn ongeféier 20 %.

Bon, dat anert ass d'Carte de séjour. De Sven Clement huet dat gutt gesot: wéi mer fréier jo dee roud Führerschäin do haten, deem ass ausenanergerfall! Hei ass et och elo esou: Et ass e Stéck Pabeier mat enger Foto drop, wat absolut net sécher ass. An do si mer elo gefuerdert. Et ass e Reglement, do hu mir guer näischt drun ze radetten. Dat musse mer maachen, a mir mussen et maache bis den August 2023. Mir hunn ongeféier 17.000 där Kaarten hei

auszustellen am Land. D'Leit solle sech net mellen, mee mir als Ministère convoquéieren d'Leit, fir dass dat esou séier wéi méiglech virugeet. Mir wëllen an dësem Summer ufänken domadder an da wäert dat och virugoen.

Sou, Här President, ech wëll awer hei nach ausdrécklech dem Gusty Graas Merci soe fir déi Ried, déi en hei gehalen huet, déi mer och voll aus dem Härz komm ass.

Merci villmools.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Minister Jean Asselborn. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7682. Den Text steet am Document parlementaire 7682<sup>6</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7682 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi mat 56 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7682 est adopté par 55 voix pour et 4 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par M. Léon Gloden) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 8.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(La séance publique est levée à 18.34 heures.)**



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC), le programme national de réforme (PNR) et le plan pour la reprise et la résilience (PRR)

- Débat : M. Gilles Roth - M. André Bauler - M. Claude Haagen (interventions de M. André Bauler et M. Gilles Roth) - M. François Benoy - M. Roy Reding (intervention de M. Gilles Roth) - M. David Wagner - M. Sven Clement - M. Laurent Mosar - M. Marc Spautz (intervention de M. André Bauler)

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des

Finances (interventions de M. André Bauler) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Pierre Gramegna) - M. Gilles Roth (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Pierre Gramegna) - M. Laurent Mosar (parole après ministre) - M. le Ministre Pierre Gramegna - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna et M. Franz Fayot, Ministres.**

**(La séance publique est ouverte à 08.01 heures.)**

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Nee, Här President. Merci.

### 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC), le programme national de réforme (PNR) et le plan pour la reprise et la résilience (PRR)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Chamber féiert haut de Moien d'Debatt iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, de PSC, iwwert den Nationale Reformprogramm PNR souwéi iwwert de

Relanceplang PRR. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här André Bauler, den Här Claude Haagen, den Här François Benoy, den Här Roy Reding, den Här Sven Clement, den Här Laurent Mosar an den Här Marc Spautz. An als éischte



Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech fänke meng Ried un, andeem ech soen, dass ech eigentlech dräi Bedauern hunn: Dat éischt Bedauern ass dat, dass mer haut de Moien um aacht Auer eng Debatt féieren iwwer Dokumenter, déi mer e Méindeg de Mëtteg, am spéiden Nomëtteg, kritt hunn, 400 Säiten, zudeem nach kleng geschriwwen; 400 Säiten, wou mer en Dënschdeg Pleniëre haten, wou mer gëschter dee ganzen Dag Plenarsitzung haten, an haut de Moien um aacht Auer, wéi gesot, doriwwer den Debat hunn, deem, mengen ech, an dësen Zäiten awer eng scho gewësse Wichtigkeet huet.

En zweete Punkt ass deem, dass hei ëmmer den Appell gemaach gëtt fir Transparenz an Dialog an Alternativen - abee, ech muss lech soen, dass ech och besonnesch doriwwer enttäuscht sinn, dass mer elo schonns fir d'drétt hannerneenen am Mee keen État de la nation hunn! 2019 ass dat argumentéiert ginn: „Jo, dat ass ze kuerz hannert de Walen.“ D'lescht Joer ass et argumentéiert ginn: „Mir kënnen dat net maachen, well mir hunn elo Pandemie.“